

Nr. 92

Oktober 2025



Mir bleiwen drun ...

Léif Leit,

Den OTM start nach dëst Joer eng weider Drénglechkeetshëllef fir Regiounen um Land an a Virstied vun Haïti. Wéinst der wirtschaftlecher Si-tuation an der Gewalt leid d'Bevölkerung nach èmmer grouss Nout, an eis Hëllef ass eng Fro vun Iwwerliewen fir déi Schwächst an dëse Regiounen. Mat Hëllef vun engem klenge Lagerhaus, dat mir dëst Joer op halwem Wee gebaut hunn, deene mir d'Verdeelungen dës Kéier bis erop an d'Bierger aus, do wou vill Leit wunnen, déi soss guer net erreecht ginn.

Zesumme mat eise 5 lokale Partner - OPCD, APAD, UNOPDEB, Petits Frères, ASSADEVRHA - si mir gutt opgestallt, fir datt dës Verdeelung bei dene Bedürftegen ukënnt, trotz alle Schwieregkeeten an opgrond vun eiser laanger Erfarung. Mee mir sinn op Äer finanziell Hëllef ugewisen, déi bei d'Finanzement vun eisem Ausseministäer muss dobeikommen.

On reste sur le pont ...

Chers amis !

OTM démarre encore cette année une prochaine aide d'urgence pour des régions rurales et périurbaines en Haïti. A cause de la situation économique et de la violence, la population souffre toujours d'une grande misère ... et notre aide est une question de survie pour les plus faibles dans ces régions. En utilisant une maisonnette de stockage que nous avons construite cette année à mi-hauteur des collines, nous étendons cette fois-ci les distributions jusque dans les montagnes, là où beaucoup d'habitants ne seraient autrement pas du tout atteints.

Avec nos 5 partenaires locaux - OPCD, APAD, UNOPDEB, Petits Frères, ASSADEVRHA - nous sommes bien positionnés pour que cette distribution atteigne les nécessiteux, en dépit de toutes difficultés et d'après notre longue expérience. Mais nous dépendons de votre soutien financier qui doit s'ajouter au financement de notre Ministère des Affaires Etrangères.

En solidarité avec les plus pauvres,

Grousse Merci !!! – Grand Merci !!!

Camille SCHNEIDER, Président

Drénglechkeets-hëllef

bleift (leider) nach èmmer
extrem noutwendeg
niewend den
Entwécklungsprojeten
wou et drëms geet fir déi
lokal Kapazitéiten
ze stäerken an
d'Bevölkerung
onofhängeg vun eiser
Hëllef ze maachen!

L'aide d'urgence
reste (malheureusement)
toujours d'actualité et
demeure donc essentielle,
en complément de nos
projets de développement
basés sur une
coopération équitable!

Partenaires locaux:
APAD, OPCD, PFST,
UNOPDEB
et ASSADEVRHA

Drénglechkeetshëllef

fir d'Liewensmëttelsécherheet am Département Ouest an am Département Nippes an Haiti ze verbesseren



Haiti ass schonns laang an enger schwéierer Kris, déi durch Onsécherheet a Gewalt nach verstäerkt gëtt: d'Leit hu kaum nach Akommes an d'Liewensmëttel- an aner Präisser klammen well d'Wirtschaft am Zesummebroch ass a vill Transporter betraff sinn. Méi wéi d'Hallschent vun der Bevölkerung huet net méi genuch z'essen! An dene ville Familljen, déi hu misste flüchten oder déi Flüchtlingen ophuelen, feelt et nach méi un deem Néidegsten.

Zil vum Projet:

D'Haaptzil ass et, deene vulnerabelste Familljen an den Departementer Ouest an Nippes eppes z'essen ze ginn an awer och laangfristeg hëllefen, datt si erëm eng liewenswäert Existenz opbaue kënnen.

Partner:

D'ONG Objectif Tiers Monde schafft zesumme mat fënnef lokale Partnerorganisatiounen a mat enger klenger laang erproufter Firma, déi d'Finanze kontrolléiert a geséchert weiderleed.

Wichtegst Moosnamen:

- **Verdeelung vu Liewensmëttel:** 1.400 Famillje kréien direkt Hëllef mat Liewensmëttelpäck (Spaghetti, Bounen, Räis, Ueleg, Zocker asw.).
- **Ënnerstëtzung fir Baueren:** 550 Famillje kréien Somen, 50 Famillje kréie Geessen, an 100 Baueran ginn an neie landwirtschaftleche Methoden ausgebilt.
- **Lagerhaus:** Zu Dufresnay gëtt e Lagerhaus fir Liewensmëttel a Som agericht fir och an Zukunft besser op Krise reagéieren ze kënnen (sou wéi och schonns bei eiser leschter Drénglechkeetshëllef e klengt an einfach Lagerhaus an de Bierger zu Bouvier gebaut gouf, fir elo un d'Bauere wäit uewen an de Bierger Hëllef verdeelen ze kënnen).

Besonnesch Aspekter:

- Prioritéit kréien Familljen, déi besonnesch vulnérabel sinn, virun allem Fraen.
- D'Hëllef geet och an ofgeleeën Gebidder, wou soss keng Organisatiounen aktiv sinn.
- Et gëtt Wäert geluecht op lokal Produktioun an nohalteg Infrastrukturen.

Dauer vum Projet:

November 2025 bis Oktober 2026

Budget:

De Gesamtbudget läit bei ronn 154.000 € a gëtt natierlech och vum Ausseministär (MAE) ënnerstëtzzt.

Fazit:

Dëse Projet ass extrem wichteg, fir d'Liewensmëttelsécherheet direkt a laangfristeg ze verbesseren, d'Autonomie vun de Familljen ze stäärken an d'Gemeinschaften méi resilient géint zukünfteg Krisen ze maachen!

Aide d'urgence


en vue d'une contribution à la sécurité alimentaire dans les départements Ouest et Nippes en Haïti

Haïti traverse depuis longtemps une énorme crise, aggravée par l'insécurité et la violence: les gens n'ont pratiquement plus de revenus et les prix des aliments et d'autres produits augmentent vu que l'économie s'effondre et que de nombreux transports dans le pays sont touchés. Plus de la moitié de la population n'a plus assez à manger! Dans les nombreuses familles qui ont dû fuir ou qui accueillent des réfugiés, il y a encore un plus grand manque d'aliments et de choses essentielles.

Une première stratégie est la distribution de kits de nourriture (spaghettis, pois noirs, riz, huile, sucre etc.) pour environ 1.400 familles vulnérables (dont beaucoup de familles déplacées ou déportées) pour répondre aux besoins urgents/à court terme.

Une deuxième stratégie est la distribution de semences pour environ 550 familles paysannes; la distribution de cabris pour 50 familles et la formation sur les techniques de compostage, de conservation de semences et d'élevage de race améliorée de cabris pour 100 paysans. A travers la production végétale et animale, les familles touchées auront la possibilité de se nourrir et éventuellement de commencer des activités génératrices de revenus (vente d'une partie des récoltes, vente de produits transformés etc.), et cette aide contribuera donc à leur propre consommation et une stabilisation de leurs revenus et dépenses à moyen terme.

Une troisième stratégie est la mise en place d'une unité de stockage à Dufresnay. Désormais dans tous nos projets d'aide d'urgence, un concept à long terme est intégré afin de faciliter dans le futur des interventions d'urgence répétitives comme la mise en place des structures physiques et/ou organisationnelles pérennes. Pour cette nouvelle aide d'urgence, notre partenaire APAD se chargera de l'aménagement du rez-de-chaussée de la boutique d'intrants construite dans le cadre du projet de développement rural et agricole (2021-2025). Cet espace, une fois fonctionnel, servira d'entrepôt pour le stockage de denrées alimentaires dans le cadre de projets d'aides d'urgence futurs ou pour d'autres projets de développement, afin de renforcer la résilience locale face aux crises.



Globalement, le projet d'aide d'urgence 2025 bénéficiera à environ **2.000 familles bénéficiaires!**

Wéi all Joer verkeeft den OTM virun allem während der Adventszeit (mee och schonns virdrun an nach duerno) seng nei Käerz, dëst Joer mat engem flotten a poetesche Bäitrag zu deem wichtegen Thema an Haïti: der Landwirtschaft.

D'Käerze ginn an de Weltbutteker hei am Land an och - an den nächste Wochen - a ville Kierchen am Land verkaaft. Dir kënnt se awer och bestellen. Flott wier et wann deen een oder aneren der puer beienee géing bestellen fir se dann u Famill oder Bekannten ze verschenken oder se och z.B. un Noperen ze verkafen. Ab 4 Käerze kënne mir iech se och gäre laanscht bréngen!



Merci fir lech um info@otm.lu oder awer am Beschten direkt bei der Koordinatrice vum Käerzeverkaf ze mellen:

Madeleine Broers-Fellens +352 691 863 648

Comme chaque année, OTM vend sa nouvelle bougie, cette année avec une belle et poétique contribution sur un thème important en Haïti : l'agriculture.

Vous pouvez les acheter dans une des Boutiques du Monde au Luxembourg ou - pendant l'avent - auprès d'un de nos stands dans certaines églises. Vous pouvez aussi les commander. Ce serait formidable si l'un ou l'autre pouvait en commander plusieurs à la fois pour ensuite les offrir à la famille ou à des amis, ou même - pourquoi pas - pour les vendre à des voisins. À partir de 4 bougies, nous pouvons les livrer si vous le souhaitez ! Pour toute réservation, merci de voir les coordonnées ci-dessus!

50 JOER OTM



40 JOER AN HAITI

Une longue aventure riche et productive depuis 1975

OTM est une ONG luxembourgeoise active depuis 50 ans, profondément ancrée en Haïti où elle œuvre depuis 40 ans dans l'agriculture, l'éducation, l'eau, l'énergie, l'artisanat, le renforcement de la société civile et l'urgence humanitaire. Elle combine du soutien technique et financier pour des partenaires locaux, avec un accent essentiel sur la durabilité et l'autonomisation locale.

1975 - 2025

**Den OTM feiert dëst Joer
seng 50 Joer!
dovunner 40 Joer laang
mat Projeten an Haiti!**

OTM ass eng lëtzebuergesch ONG, déi zénter 50 Joer aktiv ass, déif verwuerzelt an Haïti, wou se zénter 40 Joer an der Landwirtschaft, der Bildung, dem Waasser, der Energie, dem Handwierk an der humanitärer Nouthëlf schafft. OTM kombinéiert technesch a finanziell Ënnerstëtzung fir déi lokal Partnerorganisatiounen, mat engem Schwéierpunkt op der Stärkung vun der Zivilgesellschaft a vu lokale Basisorganisatiounen. Nohaltegkeet a lokal Autonomie sti vun Ufank un am Mëttelpunkt!

SAVE THE DATE!!!

Mir feieren den 11. Februar 2026 den Ofschloss vun dësem «Cinquantenaire» a wieren immens frou fir dës 50 Joer OTM mat 40 Joer Entwécklungsaarbecht an Haïti zesumme mat lech ze feieren! Mir wäerten lech nach eng Kéier drun erënneren, MERCI awerfir lech elo schonns dëse wichtegen Datum opzeschreiwen!



11/02/2026

18h30

**Sall Sang & Klang
Lëtzebuerg Pafendall**

Nous aimerais clôturer cette année jubilaire avec vous lors d'une grande fête le 11 février 2026. MERCI d'avance de noter cette date importante!

Vous pouvez (continuer à) nous soutenir

- **avec un ordre permanent,**
- **par virement,**
- **par payconiq,**
- **en demandant à vos amis et votre famille de faire un don pour Haïti lors d'occasions spéciales (anniversaire, mariage, baptême, première communion, funérailles ...).**



Vous pouvez déduire vos dons à OTM de vos impôts.

**Pour plus
d'informations
et de détails,
merci de nous
contacter:
info@otm.lu
+352 26190182**

Vous pouvez également nous soutenir et aider autrement que financièrement! Nous recherchons toujours des personnes dévouées et engagées qui sont prêtes à donner un peu de leur temps pour aider plus ou moins sporadiquement :

- **avec leur expertise dans les domaines de gestion de projets, de l'agronomie, d'ingénierie (eau, énergie, numérique, ...), de l'éducation et de formation, de l'économie locale, de la comptabilité etc.;**
- **avec leur présence lors de stands d'information ou de vente (et cela surtout maintenant avec la vente des bougies, cf page 8)**
- **avec leurs connaissances en communication, internet, facebook, publications etc.;**
- **en devenant membre de OTM et - pourquoi pas - en collaborant au sein du Conseil d'administration.**

Dir kënnt eis (weiderhin)
ënnerstëtzen

- mat engem Ordre permanent,
- enger Iwwerweisung,
- iwwer Payconiq,
- oder wann Dir bei spezielle Geleeënheeten (Gebuertsdag, Bestietnes, Kanddaf, Komioun, Begriefnes ...) är Bekannten a Famill ëm en Don fir Haïti frot.

CCPLLULL

LU22 1111 0468 7726 0000

Är Spenden un den OTM kënnt
Dir steierlech ofsetzen.

Dir kënnt eis awer och nach aneschters ënnerstëtzen! Mir si-
chen nämlech nach engagéiert Leit déi e bësse vun hirer Zäit
wëllen hirginn fir méi oder manner sporadesch eng Hand mat
unzepaken:

- mat hirer Expertise a Beräicher wéi Projetsgestioun, Agronomie, lokal Ekonomie a Weiderbildung, oder mat Ingénieursfachwëssen (Waasser, Energie, Informatik, ...), oder nach mat Kenntnësser a Comptabilitéit
- mat hirer Präsenz op Informatiouns- oder Verkaafsstänn (a virun allem och elo geshwënn wann d'Käerze ver-
kaift ginn (cf. Säit 8)),
- mat hirer Freed un der Kommunikatioun, Internet, fb, Publikatiounen,
- oder als Member vum OTM oder - firwat net - als Member vum Verwaltungsrot.

zéckt net
fir lech bei
eis ze mellen
oder
nozefroen:

info@otm.lu

+352 26190182

Éditeur : **Objectif Tiers Monde**
140, rue Adolphe Fischer
L-1521 Luxembourg

Tél.: **+352 26 19 01 82**

Email : **info@otm.lu**

RCS: **F4884**



Rédaction & mise en page:

J-M Kirchen

Textes: **J-M Kirchen, C. Schneider,**
F. Thiam


Photos : **Partenaires d'OTM en Haïti,**
OTM, Käerzefabrik Peters

Impression : **Onlineprinters**
octobre 2025

Tirage : **1750 exemplaires**

CCPLLUULL

LU22 1111 0468 7726 0000



Fir weider Informationen
Pour plus d'informations :

www.otm.lu

Wëllt Dir eis kontaktéieren?
Voulez-vous nous contacter?
info@otm.lu